## LES ENFANTS IMMIGRÉS DANS L'ENSEIGNEMENT

Le Ministère de l'Education Nationale vient de publier d'intéressantes statistiques sur la proportion d'élèves étrangers dans l'enseignement postprimaire. Nous nous permettons par la suite de les regrouper en un tableau ensemble avec ceux du préscolaire et du primaire (année scolaire 76/77)

*Nous mentionnons en particulier les Italiens comme représentants d'une ancienne immigration et les Portugais comme nouveaux venus.*

| Ordre d'enseignement | % d'étrangers | % d'Italiens | % de Portugais |
|---|---|---|---|
| préscolaire | 33 % | 9,2o % | 11,6o % |
| primaire | 28,9o % | 7,8o % | 6 % |
| 7e commune | 21,o8 % | 4,6o % | 2,6o % |
| technique professionnel | 2o,53 % | 8 % | 2,5o % |
| moyen | 13,25 % | 5,2o % | o,6o % |
| secondaire | 7,59 % | 2,7o % | o,2o % |

( Source: statistiques du M.E.N. No. B-3-77 et B-4-78, citées in: api(agence presse immigration) No. 19/ janvier 1979)

A-t-on besoin d'autres chiffres pour démontrer que notre système scolaire n'est pas adapté à l'afflux d'enfants étrangers, si de 33 % des élèves entrant aux écoles maternelles leur pourcentage tombe à moins de 8 % des élèves du secondaire? "forum" est en train de préparer un dossier à ce sujet.

---

Flüchtlinge si Leit, déi net an hierem Land bleiwen können oder dierfen. Si mussen anerwärts eng nei Existenz opbauen. Dat as net einfach: Leit a Klima sin hinne friem: si brauchen Hëllef a Versteesdemech.
Mir hun an onsem Land dausende vu Flüchtlingen. Seit e puer Joer hu mir iwer loo Chilene bei eis wunnen. Seit e puer Wochen sollen och eng 5o oder méi Vietnamesen hei opgeholl gin.
Ech mengen datt keng Ustrengung ze grouss as fir dene Leit bai hierem neien Ufank behëlleflech ze sin. An deem Sënn sin all Aktiounen ze ënnerstëtzen.
Et as bedauernswert, datt esou Initiativen gär fir ënnerpolitesch Zwecken mëssbraucht gin. Flüchtlingen si Leit dene muss gehollef gin, och denen 5o Vietnamesen déi kommen sollen.
Loosse mer nët vergiessen datt dagdeeglech Flüchtlingen aus all Zort Länner un eis Dir klappen. Wivill Argentiner hu mir opgeholl?
Et wär schued wann déi vietnamesech Flüchtlingen géifen gebraucht gin, fir ennerpolitesch op déi ze klappen, bai denen och ech wor, déi fir en fräien Vietnam agetrueden sin géint t'US-Interventioun an déi batter enttäuscht gi sin ...
Ech hat vun dausenden Flüchtlingen geschwat; wou sin déi hikomm an deem Gerieds? Et si ganz einfach déi dausenden vu wirtschaftlechen Flüchtlingen, déi hiert Land hu missen verloossen well se do keng Arbecht fonnt hun. Si waren bis elo nach fir keng politesch Partei interessant. Si können nët als Paradestecker opgefouert gin, dofir sin se ze zahlreich. Gëtt fir si ieren net esou vill Energie opbruecht well *mir* (Patronat, Regierung) se geruff hun, an si ais ganz einfach mussen dankbar sin, *datt* si därfen heisin.
Wéi gesot: keen Effort as zevill fir déi politesch Flüchtlingen, egal vu wou, mee déi puer Beem därfen äis de Bësch nët verstoppen.
Allzevill geet et äis, wéi de Max Frisch seet: *Mir hun Arbechter geruff an et si Mënschen komm.*

Serge Kollwelter an der RTL-Mëtteszeitung
vum 2o.1.1979